Un A.H.A., Sokrates a Co.

Wat huet d'Kath. Kierch vu Lëtzebuerg Iech gedoen, datt Dir esou mat Akribie an net grad « kathoulesche » Mëttele probéiert, géint si viirzegoen ?

An Ärer Pressekonferenz erklärt Dir Är Aktioun "Net reliéis? - Stéi dozou!" ganz onschëlleg domatt, datt Dir wëllt d'Selbstbewosstsi vun net reliéise Mënsche méi staark maachen.

Awer gare, wann ee sech emol duerch Är Homepage klickt ! Dann ass et huerteg eriwwer mat der Onschold. Do wibbelt et nëmmen esou vu gëftege Spëtzten an onqualifizéierten Ënnerstellungen un d'Adress vun der kathoulescher Kierch a vun de Katholiken. Do geet rieds vu "Märercher" (am Zesummenhank mat Dogmen). Do méngt Dir als net-reliéis Leit kënnen houfreg ze sinn "auf ein rationales und vernunftorientiertes Weltbild". An ee Clou : "So brauchte beispielsweise die katholische Kirche ganze 360 Jahre, um einzugestehen, dass sich die Erde um die Sonne dreht, und nicht umgekehrt. Ähnliches gilt für die Evolutionslehre, die seitens der Kirche immer noch nicht vollständig anerkannt wird."

Abbee Dir Herrschaften, loosst Iech gesot sin, datt mir Katholike mat Häerz an duerchaus och mat Verstand eise Glawe liewen a praktizéiren. Gleewe bedeit nämlech absolut net, de Verstand auszeschalten. Am Contraire!

De Popst Jean-Paul II. huet am Oktober 1992 mat der Unerkennung vun den Theorië vu Galilei nëmmen dat formaliséiert, wat schon zënter Joerhonnerte kee Chrëscht méi an Zweifel gezunn huet. Dëst Joer an der Ouschternuecht huet de Popst Benoît XVI. ënnerstrach, datt d'Mënschheet keen zoufällegt Produkt vun der Evolutioun ass. Esou eng Ausso kann een awer nëmme verstoen, wann een och wierklech wëllt verstoen.

Léiw Membren a Supportrë vun A.H.A. a Sokrates: wann Dir onbedéngt wëllt <u>géint</u> eppes sin, firwat setzt Dir Iech dann net z. B. géint Alkohol- an Drogemëssbrauch, géint Misère a Precaritéit, géint sozial Ongerechtegkeet an ?!?

Esou ee Bestriewe géif nämlech der eigentlecher Definitioun vun Humanismus, deen Dir jo fir Iech revendiquéiert, gerecht gin. Iwregens: heiranner ass d'Kierch mat hirer joerhonnertelaanger Traditioun Iech e gudd Stéck viraus.

Wat Glawenssätz (Dogmen) an aner theologesch Elementer ugeet: et ass besser, eréischt da matzeschwätzen, wann Dir eng Kéier eppes dovunner verstidd ...

Ah jo: eng Campagne mat enger Negatioun an hirem Titel sprécht net besonnesch gudd un. Et sief an engems nach drop higewisen, datt comparativ Publicitéit deontologesch an esuguer gesetzlech nëmmen dann erlaabt ass, wann d'Vergläicher der Realitéit entspriechen, wat mat Ärer Campagne an Homepage net de Fall ass.

Danielle Ludwig, aktiv an der Par Bouneweg